



**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir d'Groussregioun a vun der
Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5612 vum Här Deputéierte Sven
Clement.**

1)

Frankräich hat op nationalem Niveau décidéiert, datt op Basis vun engem certifiéierten Schnelltest ee Certificat de rétablissement kéint ausgestellt ginn. Di franséisch Entscheedung huet awer net dem Reglement (EU) 2021/953 vum 14. Juni 2021 entsprach, deen virgesäit, dass esou ee Certificat just ob Basis vun engem TAAN (test d'amplification des acides nucléiques)-Test kann ausgestellt ginn. Dësen national System huet zwar méi Flexibilitéit op nationalem Plang erlaabt, mee huet de Problem mat sech bruecht, datt d'Certificat'en iwwert déi national Grenzen eraus net méi gültig sinn.

2)

Den 22. Februar 2022 huet d'EU-Kommissioun en neien Text ugeholl laut deem säit dem 23. Februar 2022 et den Member Staten och méiglech ass een EUDCC op Basis vun engem positiven Schnelltest auszustellen, ënnert der Condioun, dass esou ee Test awer vu qualifizéierte Personal duerchgeféiert gëtt. Ausserdem müssen et sech och ëm Schnelltester handelen, di sech ob der EU-Leescht vun den Antigentester befannen. Dës Praxis ass applicabel fir Länner déi net genuch TAAN Test Kapazitéiten hunn, well den TAAN Test bleift de Referenztest fir d'Diagnose vum Covid-19. Wann aner Länner also op den Wee ginn fir en EUDCC op Basis vun engem positiven Schnelltest auszustellen, ass datt deemno seit dem 24. Februar méiglech an dës Certificat'en sinn och hei zu Lëtzebuerg liesbar wann sie am Format EUDCC ausgestellt sinn. Domadder wier de Problem vun der Unerkennung vun esou engem Zertifikat, deen an engem aneren EU-Land ausgestellt gouf, geléist.

3)

D'Lëtzebuurger Regierung steet an engem enken, permanenten Kontakt mat hiren Homologen, sief et op regionalem, bilateralem oder EU-Niveau, fir all méiglech Problemer vu Grenzpendler am Kontext vun der Pandemie ze léisen.

Lëtzebuerg, den 01.03.2022.

D' Ministesch fir d'Groussregioun

(s.) Corinne Cahen